

Statute vun der Actioun Lëtzebuergesch

(Vereenegung ouni Gewënnzweck)

AKTUELLEN TEXT

Kapitel I – Numm, Sätz, Dauer an Zweck

Art. 1: Den Numm vun der Vereenegung as: Actioun Lëtzebuergesch.

Art. 2: De Sätz ass zu Izeg, op Nummer 20, Conter Strooss. D'Dauer ass net begrenzt.

Art. 3: Den Zweck vun der Vereenegung ass fir alles anzetrieden, wat lëtzebuergesch ass, apaart fir eis Sprooch.

Art. 4: D'Vereenegung as politesch a reliéis neutral.

Kapitel II – Mëmbere

Art. 5: Jidderee ka Mëmber ginn, wann en den Zweck vun der Vereenegung respektéiert a séng Cotisatioun bezillt. – De Comité kann der Generalversammlong Leit, déi Verdéngschter un der Actioun Lëtzebuergesch hunn, als Éieremëmber virschlon.

Art. 6: D'Zuel vun de Mëmbere duerf net manner ewéi dräi sinn, no uewe besteet keng Grenz.

Art. 7: Et as een net méi Mëmber, wann ee séng Démissioun gët oder d'Cotisatioun net méi bezuelt. D'Generalversammlong kann e Mëmber ausschléissen, wann en der Vereenegung schuet oder géint hiren Zweck schafft.

NEIEN TEXT

Kapitel I – Numm, Sätz, Dauer an Zweck

Art. 1: Den Numm vun der **Vereenegung ass**: Actioun Lëtzebuergesch.

Art. 2: De Sätz ass **an der Gemeng Hesper**. D'Dauer ass net begrenzt.

Art. 3: Den Zweck vun der Vereenegung ass fir alles anzetrieden, wat lëtzebuergesch ass, apaart fir eis Sprooch. **Dat geschitt ë. a. duerch Publikatiounen an der Press, duerch d'Erausgi vu Bicher an didakteschem Material, duerch d'Organiséiere vu Konferenzen, duerch Iwwerzeegungsarbecht an der Gesellschaft, duerch d'Matschaffen a verschiddene Gremien, déi sech fir d'Sprooch asetzen, etc.**

Art. 4: D'**Vereenegung ass** politesch a reliéis **neutral**.

Kapitel II – **Membere**

Art. 5: Jidderee ka **Member ginn**, wann en den Zweck vun der **Vereenegung** respektéiert a **séng** Cotisatioun **bezillt**. – De Comité kann der **Generalversammlung** Leit, déi Verdéngschter un der Actioun Lëtzebuergesch **hunn**, als **Éieremember virschlon**.

Art. 6: D'Zuel vun de **Membere** **däerf net** manner ewéi dräi **sinn**, no uewe besteet keng Grenz.

Art. 7: Et **ass** een **net** méi **Member**, wann ee **séng Demissioun gëtt** oder d'Cotisatioun **net** méi **bezillt**. D'**Generalversammlung** kann e **Member** ausschléissen, wann **hien** der **Vereenegung** schuet oder géint hiren Zweck schafft.

Kapitel III – Verwaltung

Art. 8: D'Verenegong gët vun der Generalversammlung a vum Comité geleet.

Art. 9: D'Generalversammlung huet all Rechter, déi hir duerch d'Gesetz zoustinn. Si ass eemol d'Joer. All Member gëtt dofir wéinstens 14 Deeg virdu schrëftlech geruff.

Art. 10: D'Membere vum Comité gi vun der Generalversammlung fir dräi Joer gewielt. Et kënnen dräi bis zweief Leit am Comité sinn. All Member vum Comité gëtt fir dräi Joer gewielt. D'Comitésmemberen, déi austrieden, kënnen ouni nei Kandidatur erëm gewielt ginn. D'Kandidature fir de Comité mussen wéinstens aacht Deeg virun der Generalversammlung schrëftlech ageschéckt sinn. De Comité verdeelt déi eenzel Fonctiounen ënner sech.

Art. 11: De Comité huet all Rechter, déi net vum Gesetz extra fir d'Generalversammlung virgesi sin. De Comité kënnt wéinstens véier mol am Joer zesummen.

Art. 12: All Joer leet de Comité der Generalversammlung e Rapport iwwer d'Aktivitéit, d'Konte vum leschte Joer an de Budget fir d'Joer drop vir. D'Konte gi vu wéinstens 2 Leit kontrolléiert, déi vun der Generalversammlung fir ee Joer gewielt gin.

Art. 13: De Comité kann eenzel Mataarbechter erunzéien a Kommissiounen nennen, fir bestëmmt Aarbechten ze maachen. Dës Leit oder Kommissiounen schaffen ënner der Responsabilitéit vum Comité an no engem Reglement. De Comité nennt an entléisst se.

Kapitel III – Verwaltung

Art. 8: D'Vereenegung gëtt vun der Generalversammlung a vum Comité geleet.

Art. 9: D'Generalversammlung huet all Rechter, déi hir duerch d'Gesetz zoustinn, an déi kengem aneren Organ vun der Vereenegung duerch d'Statute virbehale sinn, dat ënner der Reserve vum Artikel 4 vum modifizéierte Gesetz vum 21. Abrëll 1928 iwwer d'Vereenegungen an d'Fondatiounen ouni Gewënnzweck. D'Generalversammlung ass all Joer virum 1. Mee. All Member gëtt dofir wéinstens 14 Deeg virdu schrëftlech geruff (per Post oder op elektronischem Wee). D'Resolutiounen vun der Generalversammlung ginn an engem Regëster opgeholl, dee vun de Memberen a vun Drëtten um Sëtz vun der Vereenegung ka consultéiert ginn.

Art. 10: D'Membere vum Comité gi vun der Generalversammlung gewielt. Et kënnen dräi bis zweief Leit am Comité sinn. All Member vum Comité gëtt fir dräi Joer gewielt. D'Comitésmemberen, déi austrieden, kënnen ouni nei Kandidatur erëm gewielt ginn. D'Kandidature fir de Comité mussen op d'mannst aacht Deeg virun der Generalversammlung schrëftlech ageschéckt sinn. De Comité verdeelt déi eenzel Funktiounen ënner sech.

Art. 11: De Comité huet all Rechter, déi net vum Gesetz extra fir d'Generalversammlung virgesi sinn. De Comité kënnt op d'mannst véier mol am Joer zesummen.

Art. 12: All Joer leet de Comité der Generalversammlung e Rapport iwwer d'Aktivitéit, d'Konte vum leschte Joer an de Budget fir d'Joer drop vir. D'Konte gi vun op d'mannst 2 Leit kontrolléiert, déi vun der Generalversammlung fir ee Joer gewielt ginn.

Art. 13: De Comité kann eenzel Mataarbechter erunzéien a Kommissiounen nennen, fir bestëmmt Aarbechten ze maachen. Dës Leit oder Kommissiounen schaffen ënner der Responsabilitéit vum Comité an no engem Reglement. De Comité nennt an entléisst si.

Kapitel IV – Aner Bestëmmongen

Art. 14: D’Cotisatioun vum Joer ass héchstens 100,00 €. Si gëtt vu Joer zu Joer vun der Generalversammlung festgesat.

Art. 15: Wann d’Verenegong opgeléist gët, bestëmmt d’Generalversammlung, wat mat de Fonge geschitt, déi awer fir d’éischt fir eng gläichgesënnt Verenegong reservéiert gin.

Art. 16: Fir alles, wat net an dëse Statute virgesinn ass, gëllt dat modifizéiert Gesetz iwwer d’Vereenungen ouni Gewënnzweck vum 21.4.1928.

Kapitel IV – Aner Bestëmmungen

Art. 14: D’Cotisatioun vum Joer ass héchstens 100,00 €. Si gëtt vu Joer zu Joer vun der Generalversammlung festgesat.

Art. 15: Wann eng ausseruerdentlech Generalversammlung decidéiert, d’Vereenegung opzeléisen, ginn d’Fongen, nodeems all Rechnunge bezuelt sinn, un eng Fondatioun no Lëtzebuenger Recht, un eng Vereenegung ouni Gewënnzweck, déi d’Utilité publique duerch groussherzoglechen Arrêté kritt huet, oder un eng Vereenegung ouni Gewënnzweck, déi eng analog Aktivitéit huet wéi déi, déi am Artikel 3 virgesinn ass. D’Archive vun der Vereenegung sollen an deem Fall un d’Nationalbibliothék, un d’Nationalarchiv oder un den Zenter fir d’Lëtzebuenger Sprooch (ZLS) goen.

Art. 16: Fir alles, wat net an dëse Statute virgesinn ass, gëllt dat modifizéiert Gesetz iwwer d’Vereenungen an d’Fondatiounen ouni Gewënnzweck vum 21.4.1928.

Izeg, den 2021

- *Den Text vun den éischte Statute vum 15.2.1971 (ugeholl an der Generalversammlung vum 27.11.1971) steet an der Zäitschrëft „Eis Sprooch“ Nr. 1 (1972) op der Säit 37.*
- *Den Text vun de modifizéierte Statute vum 14.11.1977 steet an der Zäitschrëft „Eis Sprooch“ Nr. 9 (1978) op de Säiten 63-64. Dës modifizéiert Statute goufen um Greffe vum Bezierrsgeriicht zu Lëtzebuerg deposéiert an enregistréiert (vol. 320, fol. 10, case 5). Si goufen am Memorial C – N° 296 de 24.12.1977 publizéiert.*
- *Den Text vun de modifizéierten Artikelen vun de Statute vum 14. Abrëll 2018 ass nom « Jugement en matière de décisions d’associations sans but lucratif » vum 26.9.2018 homologéiert an de 7.11.2018 am RESA deposéiert, enregistréiert a publizéiert ginn (N° RESA_2018_249.540).*